SCHOOLNEWS



MathemaTIC am Cycle 4

Dëst Joer huele verschidde Klassen aus dem Cycle 4 um Projet MathemaTIC deel, dee vum Ministère de l'Education nationale et de la jeunesse (MENJE) ugebuede gëtt.

Am Kader vun der Strategie Digital (4) Education huet de lëtzebuergeschen Educatiounsministère an Zesammenaarbecht mat der kanadescher Firma Vretta an dem franséischen Educatiounsministère eng benotzerdefinéiert Léierplattform fir de Mathematiksunterrecht entwéckelt. Dës Plattform "MathemaTIC" ass iwwer Internet accessibel (www.mathematic.lu) a kann och als App installéiert ginn. MathemaTIC bidd eng differenzéiert Approche un, déi parallel zum Mathe-Unterrecht an der Grondschoul agesat ka ginn an déi op d'Bedürfnisser an de Niveau vum eenzele Schüler ageet. Esou kann d'Motivatioun an den Engagement vum Schüler zousätzlech gefërdert ginn. MathemaTIC gëtt zu all Zäitpunkt en aktuellen Iwwerbléck iwwert d'Léierfortschrëtter - dat souwuel fir de Schüler wéi fir seng Joffer/säi Schoulmeeschter.

Fir d'Rëmelenger Enseignanten an hirer Aarbecht z'ënnerstëtzen huet d'Gemeng Rëmeleng d'Schoul mat Computermaterial vun der neister Generatioun dotéiert. Niewent dem bestoende Computermaterial stinn elo **20 nei Ipaden** zur Verfügung fir mat ganze Klassen oder Gruppen ze schaffen.

MÉDECINE SCOLAIRE

Zanter der Schoulrentrée gräift d'Gemeng Rëmeleng op de Service vun der Ligue médico-sociale zeréck fir d'Médecine scolaire an der Grondschoul z'organiséieren. Déi nei Infirmière ass d'Mme Kolbach Josiane. Si ersetzt d'Mme Krier Mandy.

Kontakt:
Josiane KOLBACH
infirmière en pédiatrie

Centre médico-social
61, av. de la Gare
L-4130 Esch/Alzette
tél.: 54 46 46 - 1
e-mail: josiane.kolbach@ligue.lu

CHRËSCHTMAART

14.
DEZEMBER

SAVE THE DATE!

Den alljährleche Chrëschtmaart an der Sauerwiss fënnt de 14. Dezember 2016 statt.

SCHOOLNEWS



MathemaTIC au cycle 4

Cette année, certaines classes du cycle 4 participent au projet MathemaTIC, proposé par le Ministère de l'Education Nationale et de la Jeunesse (MENJE).

Dans le cadre de la "Strategie Digital (4) Education", le ministère de l'Education luxembourgeois a développé, en collaboration avec l'entreprise canadienne VRETTA et le ministère de l'Education français, une plateforme d'apprentissage des mathématiques. Cette plateforme "MathemaTIC" est accessible sur internet (www.mathematic.lu) ainsi que sous forme d'application (mobile, tablette). MathemaTIC propose une approche différenciée utilisable en parallèle au cours de mathématiques de l'école fondamentale tout en s'adaptant aux besoins et au niveau des élèves. Ainsi, cette méthode permet de développer la motivation et l'engagement de l'élève. MathemaTIC offre à tout moment une vue actualisée sur les progrès d'apprentissages – pour l'élève comme pour son enseignant(e).

Afin d'accompagner les enseignants dans leur travail, la mairie de Rumelange a doté l'école de 20 tablettes numériques, en complément du matériel informatique déjà existant. Ces tablettes sont désormais à disposition du corps enseignant dans le cadre de travaux (classes et/ou groupes) au sein de l'école.

MÉDECINE SCOLAIRE

Depuis la rentrée scolaire, la mairie a fait appel aux services de la Ligue médico-sociale afin d'organiser la médecine scolaire.
Madame Kolbach Josiane, infirmière, remplace Madame Krier Mandy.

Contact:
Josiane KOLBACH
infirmière en pédiatrie

Centre médico-social
61, av. de la Gare
L-4130 Esch/Alzette
tél.: 54 46 46 - 1
e-mail: josiane.kolbach@ligue.lu

MARCHÉ DE NOËL

14
décembre

SAVE THE DATE!

Le traditionnel marché de Noël de l'école aura lieu le 14 décembre 2016.